N°7085
Entrée le 27.10.2022
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.10.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 705182
10 NOV. 2022
A traiter par:
Copie à:

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Konsumenteschutz & Wirtschaft weiderzeleeden.**

Um SWR gouf driwwer bericht, dass bei Lidl an Däitschland Fleesch vun Hénger verkaaft gouf, dat vun Déiere staamt, déi an hirem Mastbetrib ënner grausame Konditioune gehale goufen. Et gëtt bericht, dass vill vun den Hénger sech mol net méi hätten op de Been hale kënnen a just nach virun sech hin vegetéiert hätten.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Gouf och hei zu Lëtzebuerg Fleesch aus dem concernéierte Betrib aus Niedersachsen verkaaft? Falls jo, gëtt dat Fleesch aktuell nach ëmmer an lëtzebuerger Supermarchéë verkaf?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung a vun der Ministesch fir Konsumenteschutz op d'parlamentaresch Fro n° 7085 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen**

**Gouf och hei zu Lëtzebuerg Fleesch aus dem concernéierte Betrib aus Niedersachsen verkaaft? Falls jo, gëtt dat Fleesch aktuell nach ëmmer a lëtzebuerger Supermarchéë verkaf?**

All Liewensmëttel, wat op den europäesche Marché kënnt, muss déi geltend europäesch a national gesetzlech Reegele respektéieren.

Dofir ginn iwwert déi ganz Liewensmëttelkette vun den zoustännegen Autoritéiten an den EU-Memberstate Kontrolle gemaach.

Wann festgestallt gëtt, datt en Liewensmëttel net dëse Reegelen entsprécht, da gëtt et vum Maart geholl.
Wann des Weideren eng Verdeelung vun engem Memberstaat an en anere stattfonnt huet, dann informéiere sech déi betraffe Memberstaten iwwert ee Reseau d'Alerte, deen déi Europäesch Kommissioun ageriicht huet a bedreift.
https://food.ec.europa.eu/safety/rasff-food-and-feed-safety-alerts_en

Wann och nach eng Gefor fir d'Gesondheet besteet, da gëtt och de Konsument informéiert iwwert de Portail vun der Sécurité alimentaire: www.securite-alimentaire.lu.

An deem vum honorabelen Deputéierten zitéierte Fall ass der lëtzebuerger Veterinär- a Liewensmëttelverwaltung, déi Kontaktpunkt fir den europäeschen Alerte-System zu Lëtzebuerg ass, keng esou eng Verdeelung matgedeelt ginn.

Lëtzebuerg, den 30. November 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung

(s.) Claude Haagen